

**AKTIVITÉITSRAPPORT**  
**2022-2023**  
**CSV-NATIONALKONVENT**



## I. CSV NATIONALKONGRESS 26. MÄERZ 2022

Den uerdentlechen Nationalkongress vun der CSV war de Samschdeg, de 26. Mäerz 2022. Ronn 300 Parteimemberen haten sech zu Ettelbréck an der Däichhal zesumme fonnt.

Zwou Personalfroe stoungen op der Dagesuerdnung. Wal vun der Parteipresidentin Elisabeth Margue an d'Wal vun der Generalsekretärin Stéphanie Weydert. Zousätzlech koumen d'Ofstëmmunge vun den administrative Berichter.

Wéi d'CSV Statuten et virgesi, sinn d'Memberscotisatiounen no 5 Joer festgeluecht ginn.

Stëmmberechtigt Delegéiert um Kongress: 217. Wal Generalsekretärin Stéphanie Weydert: Jo: 194 – Nee: 15 – Abstentiounen: 4  
Wal Parteipresidentin Elisabeth Margue: Jo: 185 – Nee: 26 – Abstentiounen: 3

Kongresspresidentin war d'Madamm Diane Adehm. Presidentin vun der Walkommission war d'Madamm Martine Deprez.

Membere vun Nationalcomité vun der CSV waren am Mäerz 2022:

Diane Adehm, Maurice Bauer, Fernand Boden, Jeff Boonen, Martine Deprez, Alex Donnersbach, Christophe Origer (\*), Paul Galles, Léon Gloden, Christophe Hansen, Martine Hansen, Max Hengel, Anne Logelin, Elisabeth Margue, Octavie Modert, Clara Moraru, Kim Mosel, Annie Nickels, Ana Pinto, Nico Pundel, Vincent Reding, Ady Richard, Gilles Roth, Marthe Schmit, Thierry Schuman, Marc Spautz, Luc Theisen, Marc Thewes, Charles Weiler, Christian Weis, Stéphanie Weydert, Jean-Marie Wirth (\*\*), Claude Wiseler, Isabel Wiseler- Lima.

Am November 2022 ass d'Martine Kemp als international Sekretärin genannt ginn.

De Luc Frieden ass ab Februar als permanenten Invité, Member am CSV Nationalcomité.

(\* ersat duerch de Frank Dumont am November 2022) (\*\* ersat duerch de Felix Eischen am Mäerz 2023)



## II. AUSSERUERDENTLECHEN NATIONALKONGRESS 11. JUNI 2022

En ausseruerdentlechen Nationalkongress huet den 11. Juni am Forum Geesseknäppchen an der Stad stattfonnt.

Um Ordre du jour stoungen eng Adaptatioun vun den CSV-Statuen an definitiivt Unhuele vum Finanzbericht vum Generaltresorier Thierry Schuman.

Den neie Look vun der CSV mat e.a. dem neie Logo, goufe vun de Parteipresidente presentéiert.

Ueschléissend goufen Delegéiert op d'Summerfest invitéiert.

## III. GREMIEN

### *CSV Nationalcomité*

Den CSV Nationalcomité koom säit dem leschten Nationalkongress am Mäerz 2022, 10 Mol zesumme mat e.a. dese Punkten um Ordre du jour:

- 21. Abrëll 2022: Virbereedung vum ausseruerdentlechen Nationalkongress vum 11. Juni
- 13. Mee 2022: Statutenännerung um ausseruerdentlechen Nationalkongress am Juni 2022
- 20. Juni 2022: Gemeinsam Reunioun vum CSV Nationalcomité zesumme mam CSG Nationalcomité wou et em Diskussiounen iwwert d'Organisatioun vun der Walcampagne fir d'Gemengewalen 2023 gong.
- 11. Juli 2022: Preparatioun fir d'Walen 2023 an d'Finanze vun der Partei.
- 08. August 2022: Personalfroen
- 26. September 2022: Tripartite a Presentatioun vun der Aarbechtsgrupp Klima an Energie vun hirem Positiounspabeier.
- 24. Oktober 2022; Diskussiounen iwwert oppe Lëschten an „Etat des lieux“ zesumme mat de Bezierker iwwert d'Lëschte fir d'Gemengewalen 2023.
- 21. November 2022: Finanzement vun der Gemengewalcampagne an asetze vun engem « Comité de pilotage » fir d'Gemengewalen. Ernennung vum Martine Kemp als international Sekretärin.
- 12. Dezember 2022: Virbereedung vum

Nationalrot vum 19. Dezember an « Etat des lieux » vun de Lëschte fir d'Gemengewalen.  
- 27. Februar 2023: Virbereedung vum Konvent den 25. Mäerz zu Ettelbréck an der Däichhal

### ***Erweiderten Nationalcomité***

Fir sech tëschent Nationalcomité a Fraktioun besser ofzestëmmen ass et méiglech, datt en erweiderten Nationalcomité aberuff gëtt. Hei sinn dann nieft de Membere vum Nationalcomité sämtlech Deputéierten invitéiert. D'Beschlëss vum erweiderten Nationalcomité sinn esouwuel fir de Nationalcomité, ewéi och fir d'Fraktioun bindend.

Den Erweiderten Nationalcomité koum 3 Mol zesumme mat e.a. dësen Ordre du jour :

- 02. Juni 2022: Projet de loi 7877 iwwert Suppressioun vun der Residenzklausel vun den Ausländer a Verlängerung vum Delai fir d'Ausländer fir sech op de Wielerlëschten anzeschreiwen.
- 11. Juni 2022: Presentatioun vun der neier Corporate Identity an d'Erklärungen derzou vun der Agence Guru
- 21. Januar 2023: Preparatioun vun der Walcampagne vum Oktober 2023.

### ***D'CSV Exekutiv***

D' CSV Exekutiv ass zoustänneg fir d' alldeeglecht Geschäft vun der Partei. Et organiséiert de Kader vun der Parteiaarbecht a preparéiert

d'Decisiounen, déi dem Nationalcomité fir d'Zoustëmmung virgeluecht ginn. D'Partei-Exekutiv huet sech reegelméisseg getraff fir e.a. dat duebelt Waljoer 2023 virzubereeden.

D'Membere vum CSV Exekutiv sinn: Elisabeth Margue a Claude Wiseler (Parteipresidenten), Christophe Hansen a Stéphanie Weydert, (Generalsekretären), Thierry Schuman (Generaltresorier), Paul Galles an Anne Logelin (Vize-Presidenten), Martine Hansen, Gilles Roth (Fraktiounspresidenten), Jeff Boonen, Max Hengel, Vincent Reding, Jean-Marie Wirth (\*) (Bezirkspresidenten).

(\*) De Jean-Marie Wirth gouf am November 2022 duerch d'Vizepresidenten aus dem Süden Nathalie Morgenthaler a Pierrot Feierisen ersat, an ab Mäerz 2023 duerch de Felix Eischen. De Luc Frieden ass ab Februar 2023 als permanente Invité, Member vun der CSV Exekutiv.

### ***Reunioun vum Nationalrot***

Am Nationalrot sinn d'Membere vum CSV Nationalcomité, d'Membere vun der Fraktioun, d'Europadeputéierten, d'Membere vun de Bezierkscomitéen, déi fréier Parteipresidenten a Verrieder vun den nationale Comitéen vun de Basisorganisatiounen.

De Nationalrot koum 6 Mol zesumme mat e.a. dëse Punkten um Ordre du jour:

- 20. Mee 2022 : Statutenännerung
- 19. Dezember 2022: Rahmenprogramm fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023
- 1. Februar 2023: Proposition vum de Presidente vun engem Spätzekandidat fir d'Chamberswale 2023
- 04. Februar 2023: Preparatioun vum Walprogramm fir Chamberswale
- 25. Februar 2023 : Preparatioun vum Walprogramm fir Chamberswale
- 11. Mäerz 2023 : Preparatioun vum Walprogramm fir Chamberswale

#### **IV.MATAARBECHT AN DER EUROPÄESCHER VOLLEKSPARTEI**

##### ***EVP -Treffen***

D'EVP-Treffe fannen normalerweis virun den europäesche Sommet statt. D'Staats- a Regierungsscheffe vun den EVP-Parteien, d'Leadere vun der EVP wéi d'Kommissioun-

spresidentin Ursula von der Leyen, d'Presidentin vum Europaparlament Roberta Metsola an de President vun der Europäescher Vollekspartei Manfred Weber huelen un den Treffen deel.

D'EVP-Parteien, déi an der Opposition sinn, gi vun de Parteipresidente vertrueden. D'EVP-Sommetsätzungen hale Positione vun den EVP-Vertrieder am Virfeld vun den europäesche Sommet fest.

De Parteipresident Claude Wiseler war regelméisseg bei den EVP-Sommetsätzungen derbäi.

##### ***Political Assembly vun der EVP***

D'CSV participéiert regelméisseg un den Aarbechtsreuniounen vun der Political Assembly (vergläichbar mam CSV-Nationalcomité).



### ***EVP Kongress***

Den EVP Kongress war den 31. Mee bis den 1. Juni 2022 zu Rotterdam. D'CSV Delegatioun waren: Claude Wiseler, Viviane Reding, Isabel Wiseler, Ady Richard, Natalie Silva

Um Niveau vum Benelux concertéiert d'CSV sech mat den EVP-Parteien aus Holland an der Belsch, fir an den EVP-Gremien gemeinsam Positiounen ze verrieden.

## **V. VERANSTALTUNGEN, KONFERENZEN**

### ***Konrad-Adenauer-Stiftung***

Mat der Konrad-Adenauer-Stiftung a besonnesch dem KAS-Europabüro zu Bréissel huet d'CSV eng enk Zesummenaarbecht. D'Konrad-Adenauer-Stiftung huet mat dräi Formatiounsweekender der CSJ bei der Organisatioun vum Nowuessförderprogramm gehollef.

### ***Rentréesfest 2022***

Den 22. September 2022 haten d'Partei an d'Fraktioun all d'Memberen op d'Rentreesfest zu Hesper am Celo invitéiert.

### ***Forume***

2022 hunn zwee Forume stattfonnt:

- De 15. Oktober 2022 huet d'CSV international zesumme mat der CSV e „Forum Integration“ organiséiert.
- Den 1. Dezember 2022 war e „Forum Klima an Energie“.

### ***Presentatioun Gemengewalcampagne 2023***

De 26. November 2022 hat d'Partei op eng Aarbechtsreunioun mat all de Proporzgemengen zu Stroossen invitéiert. D'Sektioune kruten déi verschidde Package fir d'Wale virgestallt. D'Agence Guru stoung Ried an Äntwert.





### ***Neijoersreceptioun 2023***

2023 konnt nees wéi gewinnt den Neijoerspatt den 12. Januar stattfannen. Zesumme mat der Fraktioun huet d'CSV all hir Memberen op de Patt zu Nidderaanwen Centre de loisirs « Am Sand » invitéiert.

### **VI. KONGRESSAISON 2023**

No der Covid Pandemie konnten 2023 d'Bezierrskongresser an d'Kongresser vun de Basisorganisatiounen nees ënner „normale“ Bedéngunge stattfannen.

- 1. Februar 2023: Kongress CSV International an der Stad
- 1. Mäerz 2023: Bezierrskongress Osten zu Jonglënster
- 2. Mäerz 2023. Bezierrskongress Süden zu Olm
- 4. Mäerz 2023: Bezierrskongress Zentrum zu Stroossen
- 6. Mäerz 2023: Bezierrskongress Norden zu Klierf
- 10. Mäerz 2023: CSF Nationalkongress zu Hesper

- 11. Mäerz : CSJ Nationalkongress zu Déiferdeng

- 21. Mäerz 2023: CSV Senioren zu Hesper

### **VII. SERVICE-PLATTFORM GENERALSEKRETARIAT**

#### ***Kommunikatioun***

Reegelméisseg hat d'CSV Fräi Tribün op RTL Radio an um Radio 100komma7. Och an der Rubrik „Zu Gast im Land“ an der Wochenzeitung Lëtzebuerger Land kann d'CSV reegelméisseg Stellung huelen. D'Memberspublikatioun „CSV ELO“ gouf am Joer 2022 sechs Mol un d'Membere vun der CSV verschéckt.

All d'Sektiounen hunn d'Méiglechkeet 2 Mol am Joer en „Op de Punkt“ eraus ze bréngen dee lokal un d'Awunner vun de jeeweilege Sektiounen ausgedeelt ginn.

CSV.lu, Facebook, Instagram etc. gi gemeinsam vun der Partei a Fraktioun geréiert.



### **Entrevuen**

Am Virfeld vun de Chamberswalen 2023 fro-  
 en eng Rei Verbänn aus der Zivilgesellschaft,  
 de Aarbechter- a Patronatsvereenegungen  
 Entrevuen mat de Parteien.

E.a. goufen dës Entrevuen ugefrot :

- CARITAS
- AMELUX- Association des maîtres d'enseig-  
 nement Luxembourg
- FEDIL
- Group Elisabeth
- Cercle de Coopération des ONGD du Luxem-  
 bourg
- ASTI- Association de Soutien aux Travail-  
 leurs immigrés asbl
- eran, eraus ... an elo?
- Nohaltegkeetsrot
- Omega 90
- CLC - Confédération luxembourgeoise du  
 commerce
- Centre de création chorégraphique luxem-  
 bourgeois
- Union syndicale Luxembourg
- ETICC - Europe Technologie & Intelligence  
 Collective Citoyenne

- ULC - Union luxembourgeoise des consom-  
 mateurs
- Chambre des métiers
- OAI - Ordre des Architectes et des Ingéni-  
 eurs-Conseils
- CLAE - Comité de liaison des associations  
 issues de l'immigration
- ULESS - Union Luxembourgeoise de l'écono-  
 mie sociale et solidaire
- Médecins du Monde
- Info-Handicap Luxembourg
- Groupement des entrepreneurs
- Syvicol - Syndicat des Villes et Communes  
 luxembourgeoises
- SLPPP- Société Luxembourgeoise de Psychia-  
 trie, Pédopsychiatrie et Psychothérapie
- UEL - Union des Entreprises Luxembour-  
 geoises
- Initiative pour un droit de vigilance
- Fédération des Artisans Asbl
- FEDAS - Fédération des acteurs du secteur  
 social au Luxembourg
- ABBL - Association des Banques et Ban-  
 quiers Luxembourg
- Jonk Entrepreneuren Luxembourg asbl



- LCGB
- Chambre de Commerce
- Conseil supérieur de certaines professions de santé
- Beienhaus asbl
- FAD -Fathers against Discrimination
- Intersex & Transgender Luxembourg a.s.b.l.
- Dachverband vun de Letzebuerger Jugendstrukturen
- Société Luxembourgeoise de Gynécologie et d'Obstétrique
- Startups.lu
- ACA- Association des compagnies d'assurances et de réassurances du Grand-Duché de Luxembourg
- Fédération des hôpitaux luxembourgeois
- ALBAD & VLA- Associatioun vun de Lëtzebuerger Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten & Veräin vun de Lëtzebuerger Archivisten a.s.b.l.

### ***D'CSV Generalsekretariat***

D'Generalsekretariat ass responsabel fir d'Or-

ganisatioun vun der Parteeaarbecht an d'Koordinatioun tëschent den eenzele Strukturen (Basisorganisatiounen, Sektioenen, Bezierker, Exekutiv, Nationalrot...).

D'Personal vum Generalsekretariat sinn: Serge Conrad, Justine Roose, Serge Sandt, Natalie Silva, Jeff Wiltzius an seit dem 15. Mäerz 2023 d'Caroline Schloesser.

D'Aufgabe vum Generalsekretariat sinn e.a. :

- d'Verwaltung vun der Membersdatenbank
- d'Veschécke vun de Memberskaarten,
- d'Kopéiere vun Invitatiounen an Dokumenter fir d'Strukture vun der Parteei,
- d'Organisatioun vun Entrevuë mat Associatiounen,
- Ëffentlechkeetsaarbecht,
- Berodung an Ënnerstëtzung vun de Parteei-strukturen an hiren Aktivitéiten.
- Sozialesekretariat
- Parteeiefinanzéierungsgesetz an all de Strukture vun der Parteei ëmsetzen.



# ZESUMMENHALT AN ENTLAASCHTUNG DE RAPPORT VUN DER CSV-FRAKTIOUN

„Zesummenhalt fir d'Land. Entlaaschtung fir d'Leit.“ - Sou léisst sech d'Aarbecht vun den 21 CSV-Deputéierten am vergaangene Joer resumieren. Mir hunn net just nogekuckt, mä konstruktiv-kritesch Oppositoun gemaach. Mat Alternative fir d'Liewe vun de Leit ze vereinfachen. Och wann eis Proposen dacks mat 31 géint 29 ofgeleent ginn. Mir hunn d'Regierung kontrolléiert, déi op zentrale Punkten net geliwwert huet. Wichteg Theme fir eis waren: Steuern, Logement, sozialen Zesummenhalt, Sécherheet, Gesondheet, Klimaschutz, Schoul, ländleche Raum, Wirtschaft, Verfassung, Landwirtschaft a viles méi.

## *Méi Netto vum Brutto*

Mir hunn déi rezent Tripartite begréisst. Besonnesch d'Deelentlaaschtung vun de

Leit. Mir fuerderen zanter engem Joer d'Inflatiounsberengung vun der Steiertabell a generell d'Entlaaschtung vun der breeder Mëttelschicht. Weider: d'Eropsetze vum Steier-Agangsbetrag, eng zousätzlech Steiertranche fir Spëtzeverdénger an d'Verbredere vun de Steiertranchen.

## *Een Doheem fir Jiddereen*

Och am Logement hu mir Propose gemaach. Zum Beispill: 3% TVA am Wunnengsbau fir Eegehemm a Locatif, de Steierkredit „Bëllegen Akt“ op 50.000 Euro eropsetzen oder den TVA-Steierkredit an déi ofsetzbar Scholdzëns beim Eegehemm verduebelen. Hei hu mir och eng Gesetzespropositioun gemaach.





### ***Zesammenhalt fir eist Land***

De sozialen Zesammenhalt am Land ass zentral fir eis. Duerfir hu mir reegelméisseg d'Aarmuttschéier thematiséiert, déi ëmmer méi grouss gëtt. Dëst ass konträr zum Lëtzebuerger Sozialmodell, zu deem mir stinn. Grad wéi och zum Index. Als Fraktioun hu mir de Sozialdialog gefleegt. Mat Gewerkschaften a Patronat. Virum Hannergrond vun enger nohalteger Entwécklung vum Sozialen, der Ekologie an der Wirtschaft. An vun engem Gesondheetssystem mam Patient am Mëttelpunkt.

### ***Merci Viviane ! Moien Elisabeth !***

No der Demissioun vum Viviane Reding den 1. Oktober 2022 krute mir mam Elisabeth Margue den 11. Oktober 2022 eng nei Deputéiert. Mir soen dem Viviane villmools Merci. A wënschen dem Elisabeth all Gutts! Terrain-Kommunikatioun

Kommunikatioun ass zentral. Mir hunn eis Presenz op de Soziale Medie verstärkt. Nei am leschte Jore waren Publicitéiten op digitale Plattformen. Och de Pabeierwee hu

mir mat Broschüren net vernoléisseg. Dat Wichtigst bleift den direkte Kontakt mat de Leit um Terrain. Dësen hu mir mat No-lauschter-Tier a ville Begéinunge gefleegt. Dat maache mir weider.

### ***E puer Zuelen***

Vum 1. Mäerz 2022 bis zum 15. Februar 2023 hate mir 8 Pressekonferenzen, 13 Communiquéen, 510 parlamentaresch Froen, 17 Debatten, 28 Motiounen a Resolutiounen, 2 Propositions de loi, 25 Amendementer, 36 Fraktiounssätzungen, 16 Büroen an 53 Entrevuen. Bei 151 Gesetzer hu mir 139-mol mat Jo, 4-mol mat Enthaltung an 8-mol mat Nee gestëmmt.

### ***E Wiessel: just mat der CSV***

Mir hunn e gutt Fundament fir d'Waljoer 2023. Fir d'Gemengewalen am Juni. An duerno zesammen mat eisem Spëtzekandidat Luc Frieden fir d'Chamberwahlen am Oktober. Eist Land brauch e politesche Wiessel. E Wiessel: just mat der CSV.

## CHRISTOPHE HANSEN

### *Engt Joer, dat et an sech hat, fir jiddereen*

Engt Joer, wou mer d'Covid-Pandemie quasi hannert eis gelooss hunn. Wou mer geduecht hunn, dass mer déi Krisen-Zäit endlech hannert eis gelooss hunn. An engt Joer, wou no der enger Kris déi nächst Kris komm ass, an der mer nach matzen dra sënn: Ee Krich an Europa.

Ee Krich, wou Russland d'Ukrain ugegraff huet, amarschéiert ass, an ee Krich, deen eis rëm staark erënnert, firwat d'Europäesch Union schrëttweis opgebaut gouf a wat Krich bedeit:

Bommen, op Zaldoten an Zivilbevëlkerung, Zaldoten a Schützengrief, Masegriewer, Vergewaltigungen, keng Energie, wéineg Iessen, ee kale Wanter. Ee Krich, wou Massevernichtungswaffe rëm een Thema sinn, ee Krich, deen sech hinzitt.

Am Ufank hu mer geduecht, dass d'Russen d'Ukrainer iwwerrenne géifen. Dat war an ass

allerdénks net de Fall. Op der enger Säit wieren sech d'Ukrainer immens effikass, op der anerer Säit huet eis Ënnerstëtzung hinne vill gehollef. Ënnerstëtzung op zivillem Niveau - Eessen, Ënnerkënft, Batterien. Ënnerstëtzung op medezineschem Niveau, an Ënnerstëtzung op militäreschem Niveau. An des militäresch Ënnerstëtzung gouf vill diskutéiert, a gëtt et nach ëmmer vill diskutéiert. Waffeliwwerungen, Panzerliwwerungen, Kampffliwwerungen. Awer och Ënnerstëtzung op makro-finanziellem Niveau, wou ech als EVP-Spriecher fir Handelsfroe gehollef hunn déi verschidde Packet'en sou séier wéi méiglech ze mobiliséieren.

Och am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet hunn ech op europäeschem Level Drock gemaach, fir do puer Reglementer ze änneren oder ze kippen, déi elo ustinn an eis Landwirtschaft betreffen. Hei geet et ëm d'Astufung vu Bauerenhäff mat iwwer 150 Stéck Vei als Industriebetrieb, wat dozou géif féiere géif, dat des Betriber sech missten un déi selwecht Grenzwärter halen, wéi e classeschen Industriebetrieb. Oder och nach d'“Restauréierung vun der Natur“, duerch



déi vill vun eise Baueren oder Wénzer hire Betrib komplett astelle missten. Hei gouf och keng Liewensméttelsécherheet-Impaktstudie gemaach. Dat, wat do riskéiert ze passéieren, nennt sech Enteegnung vun eise Baueren a Wénzer an d'Enn vun eiser produktiver Landwirtschaft.

### **1. Instrument géint onfair Subventiounen vun Drëttstaaten.**

An eisem EU Bannemaart ginn et strikt Konkurrenzreegele fir eis europäesch Betriber, déi bei engem Appel d'Offre matmaachen oder déi en anere Betrib opkafen. De Problem ass awer, dat Konkurrenten aus Drëttstaaten wéi China, Russland, USA etc eventuell méi Staatshëllef kruten an dofir e kloer onfaire Virdeel an esou Fäll hunn. Mam Reglement « Instrument sur les subventions étrangères » kënnen mir elo sou onfair Konkurrenten ausschléissen a verhënneren, dat eis Betriber systematesch ausbludden, well se déi grouss Projete verléieren, an och verhënneren, dat eise Know-How an eis kritesch Infrastrukturen an d'Hänn vun Drëttlänner falen. Als

Rapporter hunn ech dëst neit Instrument am Numm vum Europäesche Parlament mam Ministerrot verhandelt. Dëst Reglement bréngt eis ee Schrëtt méi no un ee fairt Spill tëschent europäeschen Entreprises, déi strenge Subventiounsreegelen ënnerleien, an auslännesche Konkurrenten, déi vun hire Staaten massiv staatlech Sue kréien.

Elo, mat deem neie Reglement, mussen all auslännesch Subventiounen gemellt ginn a ginn iwwerpréift, fir sécherzestellen, dass se de Wettbewerb an eisem Bannemaart net verzerreren.

Mäi Grondsatz bei de Verhandlungen war, dass Europa oppe fir Geschäfte ass, mee dass mer op eisem Maart Reegelen hunn, déi fir jidderree gëllen.

Um Enn krut ech bei der Ofstëmmung 97 Prozent Zoustëmmung am Parlament.

### **2. Anti-Ofholzungsgesetz.**

D'Bëscher sinn ee vun de gréisste CO2-Späicher déi mir weltwäit hunn. Wann mir eis

global Bëscher, besonnesch tropesch Bëscher, weiderhin zerstéieren, huet dat also zur Folleg, dat mir ee groussen Deel vun der Welt-Biodiversitéit verléieren an eis Ökosystemer destabiliséieren. De Bësch bitt och ee Liewensraum a Liewensënnerhalt fir eng ganz Rei vu Mënschen, besonnesch indigeen Vëlker. Global Ofholzung huet besonnesch vir si fatal Folgen.

Säit de leschten 30 Joer ass eng Fläch sou grouss wéi ganz Europa ofgeholzt gi, fir landwirtschaftlech Produktioun ze bedriewen. Deforestatioun gëtt besonnesch duerch d'Production vun Holz, Rëndsfleesch, Soja, Palmenueleg, Schockela, Kaffi a Kautschuk bedriwwen, Produiten déi mir och an Europa an eise Regaler fannen.

Als Rapporteur vum Anti-Deforestatiouns Reglement hunn ech am Numm vum Parlament een Accord mam Ministerrot ausgehandelt. Mat deem neien an innovative Gesetz garantéiere mir, dass Liwwerkette bei deene genannte Produiten an der EU zukünfteg ofholzungsfräi sinn. Soumat kënnen d'Konsumente verséichert sinn, dat wann si ee vun de genannte Produiten an Zukunft kafen, si sech net matschëlleg bei der Ofholzung vun Tropëbëscher maachen. Zousätzlech probéiere mir mat deem Gesetz net nëmmen eis global Bëscher ze protegéiere, mee och d'Rechter vun den Indigeene Vëlker ze schützen.

### ***3. En Instrument fir europäesch gréng Obligatiounen***

Fir eis Klimaziler ze erreechen, brauche mir och déi néideg Investissementer an nohalteg Projeten. Ech hunn als Responsabele vun der EVP d'Instrument zu den „European Green Bonds“ verhandelt. Des wäert e méi klore Kader fir Investisseuren, Banken a Konsumente schafen: doduerch, dass dëst Instrument op den Definitivene vun der Taxonomie baséiert ass, gëtt séchergestallt, dass eng Investitioun an eng gréng europäesch Obligatioun och um Terrain wierklech an en nohaltege Projet fléisst.

Lëtzebuerg war an ass ee vun de globale Leader, wat d'Emissioun vu gréngen Obligatiounen ugeet, an dermadder maache mer en immens wichtege Schrëtt, dass mir d'Dynamike vun deem Marché weider undriewen an, dass mir des Investissementer an der EU an zu Lëtzebuerg halen.

### ***4. Questeur a Member vum Bureau vum Europaparlament***

Niewent menger normaler Aarbecht als Europadeputéierte sënn ech allerdéngs och säit Januar 2022 Questeur am Europaparlament. Dat heescht, ech sënn an d'Presidence vum Parlament gewielt ginn an hunn als Questeur d'Aufgab, d'Verwaltung an d'Par-

lament selwer um Lafen ze halen. Leider schaffe quasi keng Lëtzebuenger méi an der Verwaltung vum Europaparlament an doduerch hält natierlech och eisen Afloss of. Ech krut awer am Bureau duerchgesat, dass ab elo och spezifesch Ausschreiwunge fir Lëtzebuenger am Europaparlament gemaach wäerte ginn. Ee grouse Schratt no vir!

## **ISABEL WISELER-SANTOS LIMA**

Chers collègues,

Permettez-moi de vous présenter sous une forme concentrée les sujets les plus importants que j'ai traités depuis la publication du dernier rapport.

### ***Rapports – en tant que rapporteur / rapporteur fictif***

- Rapport sur la protection des journalistes dans le monde et la politique de l'UE en la matière : défense des journalistes, sauvegarde de la liberté d'expression et indépendance des médias. Perspectives sur la création de conditions juridiques nécessaires pour que leur environnement de travail soit sûr. Le rapport cherche ainsi notamment à empêcher des poursuites judiciaires abusives et à favoriser, quand cela est nécessaire, une protection policière rapprochée (DROI - Rapporteur - vote sur

le rapport prévu pour la session plénière de juillet 2023).

- Rapport de l'année 2022 sur les droits de l'homme et la démocratie : inquiétudes quant au recul des droits de l'homme et de la démocratie dans le monde qui se traduit par l'affaiblissement de la protection de la gouvernance et des institutions démocratiques, ainsi que par le rétrécissement de l'espace de la société civile observé dans le monde entier (corruption et droits de l'homme, lutte contre l'impunité et renforcement de la justice pénale internationale, guerre d'agression contre l'Ukraine) (DROI - Rapporteur - voté en décembre 2022 ).
- Rapport sur l'existence d'un risque clair de violation de la Hongrie des valeurs européennes (2022) : érosion de l'état de droit, constat de corruption et détérioration des droits fondamentaux (LIBE – Rapporteur fictif - voté en juillet 2022).

### ***Missions accomplies dans le cadre des activités parlementaires***

- Mission en Turquie (février 2022) : évaluation de la situation des droits de l'homme en Turquie et des mesures prises par le gouvernement turc ayant un impact sur l'État de droit. État de la question sur la protection des réfugiés et la gestion du flux migratoire par la Turquie.
- Mission en Suisse (avril 2022) : évaluation



de la mise en œuvre des priorités de l'UE par l'Assemblée générale des Nations unies et analyse de l'état d'avancement des réformes au sein des Nations unies.

- Mission en Australie (septembre 2022) : discussion sur l'ingérence étrangère dans l'ensemble des processus démocratiques. Focale sur les textes législatifs adoptés par le Parlement australien dans sa lutte contre l'ingérence étrangère (suite aux risques accrus d'ingérence chinoises dans les affaires intérieures et internationales).
- Mission aux Émirats Arabes Unis (novembre 2022) : visite du Parlement de des Enfants avec des jeunes européens et émiratis. Sensibilisation sur la question des droits de l'homme et discussion sur les avancées en matière de technologie et d'environnement.
- Mission à Chypre (novembre 2022) : discussion sur les relations entre Chypre et la Turquie, sur la question migratoire, sur la crise énergétique ainsi que sur les élections présidentielles prévues pour février 2023.
- Mission aux Philippines (février 2023) : rencontre avec des membres du Sénat et

de la Chambre des représentants. Discussion sur le respect des droits de l'homme (cf. harcèlement à l'égard des défenseurs des droits de l'homme, accès à la justice, ...), le pluralisme médiatique et la liberté de la presse (cf. média d'opposition Rappler et le cas de Maria Ressa – prix Nobel de la paix 2021 et co-fondatrice de Rappler – poursuivie en justice pour diffamation). Visite de la sénatrice philippine Leila de Lima, opposante au président Duterte, arrêtée et emprisonnée depuis 2017.

- Mission en Grèce (mars 2023) : table ronde avec des organisations non gouvernementales actives dans le domaine de l'État de droit, de la lutte contre la corruption et de la liberté des médias. Rencontre avec des journalistes et discussions sur la liberté de la presse et les droits de l'Homme.

#### ***Sujets liés aux Commission des Affaires étrangères et des Droits humains (DROI) :***

- L'invasion russe en Ukraine : l'UE s'est montrée unie pour condamner avec grande fermeté l'agression militaire russe contre



l'Ukraine et des mesures fortes en réaction à cette affreuse guerre qui se déroule sur le sol européen ont été prises (cf. paquet de sanctions, aide humanitaire et aide financière d'urgence, reconnaissance de la Russie comme état soutenant le terrorisme, discussion autour de la création d'un tribunal spécial pour juger des crimes de guerre) ; nécessité de reconnaître l'implication du dictateur biélorusse Alexandre Loukachenko dans cette invasion illégale russe et de réaliser l'ampleur de son soutien direct à V. Poutine : la Belarus sert comme rampe de lancement pour l'invasion russe de l'Ukraine.

- La situation en Iran après la mort de Mahsa Amini et les répressions des manifestants pour les droits des femmes en Iran. Ces événements tragiques constituent un rappel qu'il n'est pas possible de transiger avec un régime autoritaire qui opprime les libertés.
- La situation en Afghanistan : la reprise de pouvoir des Talibans en Afghanistan est alarmante. La faim, la maladie, la malnutrition, la mort ont pris des proportions dramatiques alors que les Talibans continuent d'imposer des lois abolissant la liberté.
- « Coopération conflictuelle » avec la Turquie – le dialogue politique sur un certain nombre de questions a été renforcé au cours de 2022-2023, par exemple sur le climat et sur la technologie/innovation,

mais ce dialogue coexiste avec des conflits réguliers, notamment l'éloignement de plus en plus grand de la Turquie de nos valeurs, la détérioration des droits de l'homme et des libertés fondamentales, le manque d'indépendance de la justice et les reculs en matière de liberté d'expression.

- La situation des droits humains en Chine / la situation des Ouïghours / la situation à Hong-Kong et Taïwan : il est impératif que nous continuions à dénoncer les violations continues par le régime chinois des droits humains au Xinjiang, la répression de l'opposition démocratique à Hong Kong ainsi que l'intensification des provocations militaires chinoises à Taïwan. Dans sa résolution de septembre 2022, le PE recommande d'approfondir encore la coopération entre l'Union et Taïwan qui promeut un modèle démocratique.
- Le sujet de la « due diligence » c'est-à-dire la responsabilité des entreprises en matière de droits humains et de l'écologie : la Commission européenne a présenté en février 2022 sa proposition de directive visant à établir des règles relatives au respect des droits de l'homme et de l'environnement par les entreprises dans les chaînes de valeur mondiale. Le Parlement a émis des recommandations à cet égard.

***Sujets liés à la Commission LIBE (Libertés civiles, justice, Affaires intérieures) :***

- Proposition de la Commission relative au mécanisme de conditionnalité dans le cas de la Hongrie : l'état de droit est en danger en Hongrie – l'indépendance de la justice y constituant un problème majeur. Ni les principes de sécurité juridique ni l'interdiction de l'arbitraire du pouvoir exécutif ne sont garantis. Or, il est inconcevable que des fonds européens soient attribués dans des conditions de non transparence.
- Défense de la liberté de parole, du pluralisme des médias & lutte contre l'impunité pour les crimes contre les journalistes d'investigation ; j'ai participé à différents débats sur le sujet et fait des interventions en plénière (notamment sur l'utilisation abusive d'actions au titre du droit civil et pénal, i.e., « SLAPP », pour réduire les journalistes, les ONG et la société civile au silence)
- Défis politiques et juridiques que posent les logiciels de surveillance aux droits fondamentaux, tels que le droit à la vie privée et la liberté d'expression - besoin de mieux réglementer la vente, le transfert et l'utilisation des technologies de surveillance, cf. scandale du logiciel espion Pegasus
- Contrôle démocratique des médias sociaux et protection des droits fondamentaux - ce qui est illicite hors ligne doit aussi l'être en

ligne (accord du Parlement européen sur le projet de législation sur les services numériques, i.e., « Digital Services Act » qui a pour objectif de lutter contre les contenus illicites, en définissant la responsabilité et les obligations des acteurs du numérique et en améliorant les processus de modération de contenus)

- Rétablissement des règles du jeu équitables pour les entreprises sur le marché unique numérique (accord du Parlement européen sur la proposition de législation sur les marchés numériques, i.e., « Digital Markets Act » qui vise à favoriser l'innovation et interdire les pratiques déloyales des grandes plateformes en ligne qui contrôlent l'accès aux marchés numériques).

***Commission INGE2 (ingérence étrangère)***

Je suis également membre de la Commission INGE2, une commission spéciale sur l'ingérence étrangère dans l'ensemble des processus démocratiques de l'Union européenne, y compris la désinformation, et sur le renforcement de l'intégrité, de la transparence et de la responsabilité au parlement européen (sujets traités : vaste réseau de postes de police chinois à l'étranger ciblant les expatriés chinois établis dans les États membres de l'Union européenne et au-delà, activités d'ingérence et de désinformation de la Chine en Afrique, ...).

## ***Prix Sakharov pour la liberté de l'esprit 2022***

Je voudrais aussi relever que nous avons décerné le Prix Sakharov pour la liberté de l'esprit 2022 au peuple ukrainien représenté par son président Zelenski, reconnaissant ainsi son courage dans sa lutte pour la paix et le respect des libertés fondamentales.

***Voy. enfin ci-dessous la liste de mes interventions en plénière du Parlement européen (depuis notre congrès CSV en avril dernier). Si vous cliquez sur ces titres vous aurez accès au texte et à la vidéo de l'intervention.***

[Convention du Conseil de l'Europe sur la prévention et la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique: adhésion de l'UE \(suite du débat\)](#)

[Droits de l'homme et démocratie dans le monde et politique de l'Union européenne en la matière – rapport annuel 2022 \(débat\)](#)

[Droits de l'homme et démocratie dans le monde et politique de l'Union européenne en la matière – rapport annuel 2022 \(débat\)](#)

[Défendre la démocratie de toute ingérence étrangère \(débat\)](#)

[Rapports de la Commission sur la situation des journalistes et les conséquences pour l'état de droit \(débat\)](#)

[Proposition de la Commission relative à des mesures au titre du règlement sur la conditionnalité liée à l'état de droit dans le cas de la Hongrie \(débat\)](#)

[Mort de Mahsa Amini et répression des manifestants pour les droits des femmes en Iran \(débat\)](#)

[Existence d'un risque clair de violation grave par la Hongrie des valeurs sur lesquelles l'Union est fondée \(débat\)](#)

[Violations des droits de l'homme dans le contexte de la déportation forcée de civils ukrainiens et de l'adoption forcée d'enfants ukrainiens en Russie](#)

[La situation dans le détroit de Taiwan \(débat\)](#)

[État de droit et approbation éventuelle du plan de relance national polonais \(FRR\) \(débat\)](#)

[Rapport 2021 de la Commission sur l'état de droit \(débat\)](#)

[L'impact de la guerre contre l'Ukraine sur les femmes \(débat\)](#)

[Auditions en cours au titre de l'article 7, paragraphe 1, du traité UE en ce qui concerne la Pologne et la Hongrie \(débat\)](#)

[Auditions en cours au titre de l'article 7, paragraphe 1, du traité UE en ce qui concerne la Pologne et la Hongrie \(débat\) EN](#)

[Situation en Afghanistan, en particulier la situation des droits des femmes \(débat\)](#)

[Résultat du sommet UE-Chine \(1er avril 2022\) \(débat\)](#)

[Ingérence étrangère dans l'ensemble des processus démocratiques de l'Union européenne \(débat\)](#)

[La détérioration de la situation des réfugiés en raison de l'agression russe contre l'Ukraine \(débat\)](#)

[L'état de droit et les conséquences de l'arrêt de la CJUE \(débat\)](#)

[Droits de l'homme et démocratie dans le monde – rapport annuel 2021 \(suite du débat\)](#)

Je suis à votre entière disposition pour répondre à toute question que vous auriez : [isabel.wiseler@ep.europa.eu](mailto:isabel.wiseler@ep.europa.eu) . Vous pouvez également suivre mon travail au fil des jours, je publie régulièrement sur ma page personnelle Facebook : <https://www.facebook.com/isabel.wiseler> & sur ma page officielle <https://www.facebook.com/isabel.wiseler.lima>

Retrouvez-moi également sur Twitter (@wiseler) et instagram (isabelwiseler).

De leschte Kongress vun den CSV-Seniore war de 7. Mäerz 2022 am "Centre Nic Braun" zu Hesper.

De President Fernand Boden konnt ënner aneren de Parteipresident Claude Wiseler, d'Fraktiounspresidente Martine Hansen a Gilles Roth, den Hesper Buergermeeschter an Deputéierte Marc Lies an d'Deputéiert Diane Adehm bei eis begréissen.

De Kommittee vun den CSV-Seniore setzt aktuell folgendermoossen zesummen:

Éierepresident : Marcel Glesener

President : Fernand Boden

Vize-Präsidenten : Astrid Lulling, Theo Karier, André Theisen

Sekretärinnen : Suzette Dostert-Wagener, Liliane Failla-Bechdolt

Keessjee : Cécile Martin-Bühler

Memberen : Charles Bingen, Albert Heinen, Roger Lutgen, Guy Modert, Louis Oberhag, Romain Plümer, Jean Spautz, Léon Wietor.

Kooptéiert Memberen : Bernadette Grosch, Léon Gryseleyn, Norbert Nick, Raymond Weydert, Pierre Wies.

Als Verrieder vun de Senioren am Nationalrot goufe gewielt: Suzette Dostert-Wagener,

Liliane Failla-Bechdolt, Cécile Martin-Bühler, Guy Modert, Léon Wietor.

D'office am Nationalrot sinn: Jean Spautz (fréiere Parteipresident), Fernand Boden (President CSV Senioren), Astrid Lulling, Roger Lutgen, Albert Heinen, André Theisen, Theo Karier, Romain Plümer, Charles Bingen a Louis Oberhag (Beziirksdelegéiert).

Bezierskomiteeën

Osten : Charles Bingen, Louis Oberhag

Norden : Theo Karier, Romain Plümer

Süden : Albert Heinen, André Theisen

Zentrum : Astrid Lulling, Roger Lutgen

Eis Verrieder an der Europäescher Seniorenunioun (ESU): Astrid Lulling (Vizepresidentin ESU) Fernand Boden a Suzette Dostert-Wagener.

D'CSV-Senioren sinn duerch hire President Fernand Boden och am Nationalkomitee vertrueden.

Duerch eis Verrieder am Nationalkomitee, am Nationalrot, an de Bezierker an an der ESU ware mir ëmmer an deene verschidde Gremien vertrueden an doduerch infor-

méiert iwwer d'Aktualitéiten an der Partei.

Am Joer 2022 hate mir 7 Kommittees-Versammlungen, an zwar den 24. Januar, 25. Abrëll, 06. Mee, 1. Juni, 21. Juli, 5. Oktober an den 1. Dezember.

Während deene Versammlungen hu mir e.a. iwwert verschidden aktuell Themen a fir eis wichtege Politikberäicher (Gesondheet, Fleeg, Famill, Wunnengsbau, Sécherheet, Steieren, Wirtschaft, Soziales, Klima an Ernährung) diskutéiert.

An eiser Versammlung vum 24. Januar konnte mir de Parteipresident Claude Wiseler begréissen. Mat him hu mir virun allem driwwer diskutéiert wéi d'Partei sech an Zukunft soll opstellen. Hien huet eis iwwert informéiert datt d'Firma GURU vun Hamburg engagéiert gouf fir bei enger Reform a beim Walkampf ze hëllefen. Zousätzlech gouf och den Här Wolfgang Schüler als Conseiller bäigezunn.

D'Firma GURU hat mat den CSV-Senioren e Workshop organiséiert, dee ganz interessant war.

Den 11. Juni ware mir um aussergewöhnlechen Nationalkongress vun der CSV vertrueden, bei deem et e.a. eng Statutenadaptatioun um Programm stoung, bei där et drëm goug ob an Zukunft kéint déi eng oder aner Sektoun an enger Proporzgemeng mat enger oppener Kandidatelëscht untrieden. E weidere Punkt war „Positionéierung, Wäerter an Zukunftsbild vun der CSV“.

De 5. Oktober hat de Co-Fraktiounspresident Gilles Roth un eiser Versammlung deelgeholl. Hien huet eis e.a. en Iwwerbléck ginn iwwert déi politesch Aktualitéit an déi rezent Entwécklungen an der Partei.

***Fernand Boden***

Président

***Suzette Dostert-Wagener***

Secrétaire

# CHRËSCHTLECH-SOZIAL GEMENGERÉIT

21. Januar 2022 - Mir haten als CSG d'läscht Joer zesumme mat der Zentral den 21. Januar Gemengenassisen um Belair. Do si verschidden Themen ugeschwat gin

- 1) Finanzéierung vun der Gemenge – Wal-campagne
- 2) Sozialpolitik an der Gemeng
- 3) Logementspolitik a Léisungsusätz
- 4) Klima an Ëmwelt
- 5) Sécherheet a Katastropheschutz an der Gemeng
- 6) Digitaliséierung vun de Gemengen

76 Leit ware fir d'Assisen ugemellt.

12. Mee 2022 - Comitéssëtzung zu Stroossen

Ordre du jour

- Gemengewalprogramm
- Rendez-vous mat Guru – Kerstin Flemming, wat d'Campagne erkläert huet

20 Juni 2022 - Comité – réunion conjointe – comité national an Comité CSG am Sekretariat an der Stad

Ordre du jour :

- adoption du rapport du comité national

élargi du 02 juin 2022,

- discussion sur l'organisation de la campagne des élections communales,
- questions financières,
- actualité politique,
- divers.

10. November 2022 - Comitéssëtzung zu Stroossen

Ordre du jour

- Gemengewale – Organisatioun a Programm

Des Weideren hu mir aktiv um CSV-Gemengewalprogramm matgeschriwwen ob der Virlag déi de Serge Sandt gemaach huet.

Mir haten kee Kongress. Dëst Joer hun mir en no dem Nationalkongress – dëst ass mam Claude Wiseler ofgeschwat.

**Nico Pundel**

## CHRËSCHTLECH-SOZIAL FRAEN

D'CSF hat den 10. Mäerz 2023 an den Celo op Hesper invitéiert fir hiren ordinäre Kongress ofzehalen an de Réckbléck op d'Joer 2022 ze maachen. Leider waren den Owend vum Kongress ganz vill Leit ofgemellt an et waren net vill Membere present. Kuerzerhand gouf improviséiert an aus dem klass-esche Kongress gouf eng intressant Table Ronde wou jiddereen zu Wuert koum. No der Begréissung vum Diane Adehm vun der CSV-Sektioun Hesper, huet d'Presidentin Annie Nickels-Theis de Kongress opgemaach an d'Begréissung souwéi gläichzäiteg den Aktivitéitsbericht vum Joer 2022 virgedroen.

Ganz vill Aktivitéiten hat de Comité am Joer 2022 net opzeweisen an et hat just eng Reun-ion am Generalsekretariat stattfonnt. Hei gouf decidéiert datt den aussergewöhnleche

Walkongress vun der CSF National eréischt no de Nationalwale vum Oktober 2023 soll statt fannen. Et gouf wärend dem ganze Joer awer vill an eise WhatsApp-Grupp matenee kommunizéiert. Doduerch datt vill vun eisen Dammen an de verschiddene Gre-mien an der Parteispëtzt, am Nationalrot, Nationalcomité an an de Bezierkscomité'en vertruete sinn, gouf iwwert d'ganz Joer iwwerall vill vun de Fraen um politesche Plang mat geschafft a vill Input bruecht.

Fir de Sommertour hat de Comité déi 4 Bezierkscomité'en de 27. Juli op d'Musel invitéiert wou et t'éischt beim Octavie Modert an der Wäistuff Wëssenswäertes iwwert d'Riewen an de Wäin ze héiere gouf ier duerno am Restaurant puer gemittlech Stonne bei engem gudde Maufel verbruecht







goufen an een intressanten Austausch konnt stattfannen tëschent den eenzele Membere vun de Bezierkscomité'en.

Den 3. Dezember 2022 ass d'CSF zu Esch bei der Marche orange matgaange wou sech och uschléissend un d'Marche bei engem Iessen ausgetosch ginn ass an intressant Diskussiounen konnte gefouert ginn.

Nodeems datt de Keesebericht vum Madeleine Schintgen virgeluecht war an d'Revisurin Diane Thein de gutt geheescht huet, ass eng intressant Diskussioun gefouert ginn, ënner anerem och iwver d'Wichtigkeet vun dem politeschen Engagement vun de Fraen. Et gouf drun erënnert datt eis Virgängerinnen an der Partei enorm vill Kraaft an Ausdauer hu missen opbréngen fir dat ze erreeche wat haut an eiser Gesellschaft eng Selbstverständlechkeet ginn ass. Et gouf laang gekämpft fir Quoten anzeféieren an haut kënnen mir houerfreg drop sinn datt eis Partei a bal all de Gremie paritéitesch opgestallt ass an d'Quoten-Diskussioun nach just um Rand muss gefouert ginn. Et ass

erfreelech datt op vill Lëschten déi scho fir d'Gemengewale presentéiert goufen, vill a staark Frae representéiert sinn.

2023 ass och fir d'Fraen an der CSV ee wichtegt Joer an déi vill Kandidatinne fir d'Gemengewalen an hoffentlech och am Hierscht fir d'Nationalwahlen, sinn opgestallt a si bereet fir Verantwortung an hirer Gemeng an och an hirer Partei ze iwwerhuelen. Elo mussen d'Wieler nach iwwerzeegt gi fir d'Fraen ze wielen an hinne Verantwortung unzevertrauen.

## CHRËSCHTLECH-SOZIAL JUGEND


De 24. Februar 2022 huet de russesche President Putin eng brutal Attack op säin Nopeschland d'Ukrain lancéiert. Als CSJ hu mir doropshi kloer Fuerderungen (ënnert anerem Russland vum SWIFT ausschléissen a russescht Kapital afréieren) un d'Regierung zu Lëtzebuerg geriicht. Fir eis stellt dës Attack net nëmmen eng flagrant Violatioun vun der Souveränitéit vun der ukrainescher Natioun duer, mee eng och eng Attack géint de Fridden an déi ganz Sécherheetsuerdnung an Europa. Zesumme mat der JDL, der JSL an déi jonk gréng, hu mir dës Fuerderungen an enger gemeinsamer Positioun nach eng Kéier bekräftegt.

Als CSJ si mir staark un den Defise vun de Lëtzebuenger Entreprises interesséiert. Enn Mee hate mir an deem Kader eng interessant

Visitt vum Centre de compétence zu Beetebuerg. Ënnert anerem goufe Problematiken am Bildungs- an Ausbildungssystem, wéi och d'Standuertpolitik an d'Wettbewerbsfäegkeet vun de Lëtzebuenger Entreprises thematiséiert.

Am September hu mir eis zu de Verhandlungen tëscht der CNS an der FAPSYLUX zu Wuert gemellt, a gefuerdert, datt de Remboursement vun de Psychotherapeuten endlech soll méiglech ginn. Grad d'Pandemie huet verstärkt gewisen, wéi e Stellwäert dëst Thema fir eis Gesellschaft huet.

Am Oktober hu mir als CSJ e Kick-Off Event fir eisen CSJ Walprogramm organiséiert. De Philip Dale vun der Uni Lëtzebuerg an de Raoul Scholtes, President vun der Feduse/





Enseignement, hunn eis en interessanten Input iwwert d'Erausforderunge vun der Energietransitioun an iwwert déi aktuell Bildungspolitik ginn.

Am November hu mir déi fréier industriell Friche "Metzeschmelz" zu Esch besicht, wou an den nächste Joren ee vun de gréissten urbane Projeten am Land entsteet. Mëttes hu mir dann zesummen als Nationalcomité zwee Escape Rooms gemaach ier mir eis am spéiden Nomëtte mat eisem Fraktiounspresident, dem Gilles Roth, iwwert d'Steieren an d'Finanzpolitik, esou wéi och iwwert d'CSV an d'CSJ, ausgetosch hunn.

Nom grouse Succès vun eisem Event mam Fréd Ternes, hu mir den 23. November nees eng Kéier en CSJ Talk ënnert dem Thema "Ka Lëtzebuerg an 10 Joer op 100% erneierbar Energiequellen ëmklammen?" D'Fro war natierlech ambitiéis, ma mir hunn dëst Thema mat eisem Panel vu Politiker, Experten an Entrepreneuren, kontrovers diskutéiert. Zu gudder lescht si mir Frou, datt mir zesumme mat der CSV, de Förderprogramm

lancéiert hunn. Esou hunn eis jonk Kandidate bis 35 Joer eng eemoleg Geleeënheet fir sech op d'Wale virzebereeden. De Formatiounsprogramm besteet aus kuerze Workshopen, ugefaangen domadder wéi eng Gemeng funktionéiert, iwwert Kommunikatioun a sozial Medien, hin zu dem kommunalen Aménagement an zu der Sozialpolitik. De Förderprogramm huet am November ugefaangen a leeft nach bis an de Mäerz. Eng 45 Kandidate bis 35 Joer hunn am ganze matgemaach.

# CSV INTERNATIONAL

Le CSI s'est concentré en 2022 sur 3 lignes directrices :

- 1) le renforcement des relations entre le CSI et les sections locales du parti,
- 2) le renforcement de la visibilité des marques CSV et CSV International et de nos relations avec les membres de la communauté internationale et
- 3) le recrutement de nouveaux membres.

La majorité de nos événements a été proposée aussi à des non-membres du CSI dans le cadre de la campagne Let's demystify politics ! initiée en 2017 par Daniela Clara Moraru, secrétaire générale adjointe du CSV, avec le support du président du parti, Claude Wiseler, et du vice-président, Paul Galles. Ainsi, cette campagne a inclus en 2022 pas moins

de 17 visites de la Chambre des Députés, le cœur de la démocratie luxembourgeoise, auxquelles ont participé plus de 1000 personnes.

Le CSI a organisé plusieurs forums de discussion Demystifions la politique ! avec des bourgmestres CSV : Natalie Silva – janvier, Marion Zovilé– février, deux Open Forums avec le président du CSV, Claude Wiseler – avril et juin, 2 Soirées indiennes – février et mars, un Atelier sur les valeurs du CSV – mai, 3 Quiz sur le système électoral luxembourgeois – décembre 2022, janvier et mars 2023.

Un événement très important pour le CSI a été le Forum Intégration, diversité et inclusion organisé en octobre 2022, lors duquel





nous avons également célébré le 5ème anniversaire de la campagne « Let's demystify politics ». Les travaux de ce forum ont abouti à la présentation -lors du Congrès national du CSI, le 1er février 2023- de la Résolution « Intégration, inclusion et diversité », qui fait des propositions d'amélioration de l'intégration des non et nouveaux luxembourgeois.

A l'invitation des députés européens Isabel Wiseler et Christophe Hansen, le CSI a organisé une visite du Parlement européen à Strasbourg, en janvier 2023, à laquelle nous avons accueilli des représentants de la Chambre américaine et de la Chambre finlandaise de commerce, des associations : Irish Club of Luxembourg, The Network, Association des Afghans, American Women's Club, Association Luxembourg-Roumanie ou bien la communauté iranienne du Luxembourg.

Le CSI a également participé à de nombreux événements et fêtes organisés par les associations de différentes communautés, comme par exemple de la « Indian Association of Luxembourg », au Tournoi caritatif de football organisé par le Stand roumain au Bazar International – juillet 2022, ou bien au Dîner de Hanoucca organisé au Consistoire israélite – décembre 2022.

L'année 2022 s'est clôturée par le traditionnel Pot du Président, quand nous avons fêté avoir dépassé l'objectif de 1000 membres, une preuve du travail significatif de terrain réalisé par le CSI, qui célébrera son 15ème anniversaire le 29 mars 2023.

E Joer, dat d'Superwaljoer agelaut huet. E Joer, wat vu programmatesche Virbereedunge gepräagt war an e Joer, wat duerch vill Presenz vun der CSV lénks a riets gekennzeechent war. Dat war d'Joer 2022 fir d'CSV Norden.

A konkreten Zuele bedeit dat:

1. Mäerz 2022: Bezierkskongress zu Wegdichen
2. Juli 2022: Bezierkscomité Lëppsch
3. November 2022: Bezierkscomité zu Dikrech
4. Februar 2023: Bezierkscomité Bettenduerf

Während deene Comitëssätzungen huet sech d'CSV Norden programmatesch op d'Superwaljoer 2023 virbereet - an och op Alldagsgeschéie reagiert, wéi zum Beispill a Form vun engem Pressecommuniqué iwwert den Transportchaos am Norden, ausgeléist duerch den Ausfall vun der Zuchstreck. Hei hu mer alternativ kuerz-, mëttel- a laangfristeg Proposen ausgeschafft. De Gesondheitsberäich am Norde gouf och behandelt, och präventiv a reaktiv. Reaktiv op den Ausfall vun der Maternité zu Ettelbréck, präventiv op Mangel vu Dokteren an Infrastrukturen am Norden.

D'CSV Norden war awer och vill ënnert de Leit. Hei stoung Besich op Chrëschtmaert, Eventer wéi Theateren, Duerffester, Klengdéie-

renausstellungen, Foire agricole um Alldag. Zesumme mat der CSV Fraktioun ware mir awer och um Nolauschter Tour oder um CSV Afterwork. Sportlech hu mir eis och weise loosse kënnen - wéi zum Beispill um 24 Stone Vëlo Wëntger.

Nolauschtere stoung hei op der éischter Plaz, Presenz weisen op der zweeter. Béides brauche mer, fir mat geballter Kraaft an d'Walen ze starten.

D'CSV Norden ass gutt virbereet fir déi ustoend Walen.

D'Walen waren natierlech och ëmmer rëm Thema, éischtens fir d'Lëschten an de Proporzgemengen opzestellen, an och fir d'Chamberslëscht fir d'CSV am Norde virzubereeden. Déi wäert am Juni no de Gemengewale finaliséiert ginn.

Dëst Joer hat säin Héichpunkt dunn um CSV Norden Bezierkskongress, dee mir zu Klierf am Pavillon organiséiert hunn. Et ware keng Still méi do, de Sall war méi wéi voll, d'CSV Norden ass prett fir dëst Joer.

Ee volle Programm also, deen och an de kommende Méint net manner gétt.

Am Joer 2022 huet d'CSV Osten erëm ugefaang méi a méi aktiv ze ginn, dëst ënner der gewinnter Form. Engersäits gouf et eng intern Neiopstellung an der Exekutiv vum Comité, dëst aus diverse Grënn wéi Indisponibilitäten oder politeschen Usiichten. Esou goufe kuerz no de Kongresser de Pol Breser als Sekretär an de Jean Boden, dee scho virdrun als Adjoint gehollef huet, als Keessier an hiert jeeweilegt Amt gewielt. Dem laangjäreg Keessier Gérard Bichler un dëser Plaz nach eemol e grouse Merci fir déi vill Aarbecht. Domat war d'Exekutiv nees nei lanciert an huet sech reegelméisseg getraff fir d'Organisatioun vun de Comitésversammlungen ze preparéieren.

Anerersäits hat d'CSV Oste fënnef Comités-sätzungen, virun allem nees physesch mat der Méiglechkeet, punktuell eenzel Membere bäzeschalten, esou datt eng méi grouss Flexibilitéit ka garantéiert ginn an den Input vu Leit, déi net kënne sur place sinn, awer berécksiichtegt gëtt. Fir eenzel Reuniounen, an deenen nëmme kuerz Punkte mussen beschwat oder decidéiert ginn, huet de Comité d'Méiglechkeet vun der Videokonferenz ganz etabléiert a konnt sech esou kuerzfristeg gesinn an austauschen. Dësen hybride System huet sech an der Tëschenzäit etabléiert an huet gehollef, d'Presencë vun de Memberen allgemeng op engem héijen Niveau ze halen. An de Versammlunge goufen Thee-

men diskutéiert wéi déi intern Organisatioun vun der Partei, d'Opstelle vun de Lëschte fir d'Gemengewalen, d'Sécherheet an d'Mobilitéit, d'Entwécklung vu klengen- a mëttelstännege Betriber esou wéi déi allgemeng politesch Aktualitéit.

Trotz senger Gréisst huet de Bezierk Osten ëmmer nach 14 aktiv Sektionen, déi hirem Optrag vun AGen an anere Aktivitéite weiderhin nokommen. Donieft sinn a ville Gemengen d'Gemengen- a Schäfferéit vu Memberen aus der CSV besat, déi sech do stänneg fir e bessert Zesummeliewen an hiren Uertschaften asetzen an domat no de Kärvalere vun der CSV handelen. Awer och déi dräi Deputéiert aus dem Osten, Léon Gloden, Octavie Modert, a Max Hengel kommen hirem Optrag vun der Opposition no a kontrolléieren d'Regierung mat ville QPen an hire jeeweilegen Theemeberäicher.

An Zukunft wäert d'CSV Oste sech nees kënne méi aktiv engagéieren a virun allem mat reegelméisseg Visitte vu Betriber d'Suerge vun de Leit besser kennen a verstoe léieren. Doriwwer eraus wäerten d'Membere vum Comité sech nees kënne méi dacks op Fester an Evenementer weisen an do an d'Gespréich kommen. Hei freet sech de Bezierk virun allem op dat groust Summerfest, den 21. Juli 2023 zu Gréiwemaacher op dat dir all häerzlechst invitéiert sidd.

- Donneschdes, den 19. Mee 2022 – Gemeng Koplescht Erweiderte Südbezierkscomité Workshop GURU
- Méindes, den 11. Juli 2022 – Kehlen Erweiderte Südbezierkscomité Visitt vun der Biogazanlag Virtrag: Waasserstoff : Energie fir Zukunft? – Guy Breden Get together an der Pizzeria Insieme
- Dënschdes, den 11. Oktober 2022 – Generalsekretariat an der Staat CSV Süden Exekutiv Entrevue mam Claude Wiseler – Relève Jean-Marie Wirth
- Dënschdes, den 18. Oktober 2022 – Gemeng Suessem CSV Süden Exekutiv Entrevue mam Claude Wiseler, Felix Eischen a Marc Spautz – Organisatioun Südbezierk & Preparatioun Gemengewalen
- Dënschdes, den 22. November 2022 – Centre culturel Ollem Erweiderte Südbezierkscomité Preparatioun Gemengewalen
- Méindes, den 23. Januar 2023 – Diddeleng CSV Süden Exekutiv Preparatioun Südbezierkskongress, Gemengewalen, Bezierksugeleenheeten
- Donneschdes, den 2. Februar 2023 – Roeser CSV Süden Exekutiv Preparatioun Südbezierkskongress, Gemengewalen, Bezierksugeleenheeten
- Mëttwochs, den 22. Februar 2023 – Mamer Schlass Südbezierkscomité Gemengewalen, Bezierksugeleenheeten
- Donneschdes, den 2. Mäerz 2023 – Centre culturel Ollem CSV Membere vum Süden Südbezierkskongress



De Bezierkscomité vum Zentrum huet sech am Zäitraum vum 13. Mäerz 2022 bis zum Kongress, den 4. Mäerz 2023, am Ganze 6 Mol getraff.

Dat war de 16. Juni, de 7. Juli, den 12. Oktober, de 16. November, den 13. Dezember an de 17. Januar.

Mir hunn op deene Sätzungen ëmmer nees déi selwecht Theme beschwat:

Wéi ass t'Stëmmung an deenen eenzele Sekt-iounen ?

Wéi gesäit et mat der Lëscht fir d'Gemege-walen aus ?

Wee brauch wat fir eng Aart vun Hëllef, vum Parteipresident, vum Bezierkspräsident oder vum Generalsekretariat, fir qualitativ besser weider ze kommen; fir tëschemenschlech Problemer ze léisen ?

Eng ganz Réi vu Sektione konnte vun dëser Aart vun Hëllef profitéieren.

Sief et datt déi 2 Presidenten sech perséinlech an d'Sektion déplacéiert hunn- si hunn do

eng ganz gutt Aarbecht gemaach a keng Méi gescheit.

Sief et datt ugebuede gi ass, Kandidaten unzeschwätzen.

Eng wieder Propose war déi, méiglechst t'Eventer vun de Sektione dem Bezierkscomité mat ze deelen, esou datt op all Event vun de Sektione och eng ganz Réi Leit aus dem ganze Bezierk kënnen do sinn.

Esou kann d'Wichtigkeet vun der Sektion an den Zesammenhalt vun der CSV gutt demonstréiert gi.

Och den organisatoreschen Deel vun der Walcampagne am ganze Bezierk ass natierlech ugeschwat a geplangt gi.

De Juli hu mir déi Diskussiounen an deem méi agreabele Kader vun der Brasserie Schumann gemaach:

Am Dezember hu mir eng Sortie op de Chrëschtmaart gemaach.

An am Januar hu mir eis an der Sektion Miersch getraff.

Impressum: CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI  
4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg — Boîte postale 826, L-2018 Luxembourg  
Tél. 22 57 31 1 - FAX 47 27 16 — Email [csv@csv.lu](mailto:csv@csv.lu) - [csv.lu](http://csv.lu)

